LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 21 JAN. 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
21 JAN. 2019

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**43, boulevard F.D. Roosevelt**
**L – 2450 Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse du Ministre de la Mobilité et des Travaux publics à la question parlementaire N°113 du 19 décembre 2018 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen, concernant l'achat de nouveaux trains, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et desTravaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Äentwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten**
**op dei parlamentaresch Ufro n° 113 vum 19. Dezember 2018**
**vum Här Deputéierten Jeff Engelen**

A sénger parlamentarëscher Ufro wollt den Här Députéierten Jeff Engelen sech iwwert de Kaf vu neien Zich informéieren.

1. Den ëffentlechen gratis Transport ass eng sozial Mesure. Fir d'Attraktivitéit an duerno och d'Notzung vum ëffentlechen Transport erop ze setzen, investéiert d'Regierung op Rekordniveau an d'Qualitéit, d'Offer an d'Infrastrukturen. Duerfir ginn ech och dovun aus, dat den ëffentlechen gratis Transport keng grouss Auswierkungen op de Wuesstem vun de Passagéierzuelen huet.
2. D'Hypothees vum Wuesstem vun de Passagéierzuelen vu 3-5% stellt eng staark Wuesstemshypothees duer, esouwuel am Verglach mam historesche Wuesstem zu Lëtzebuerg déi lescht 10-15 Joer, wat eng ekonomësch staark Wuesstemsperiod war, ewéi och am Verglach mat aneren europäische Mäert.
3. De Marché den am Dezember 2018 verginn ginn ass, gesäit, niewt dem Kaf vu 34 Automotricen, optionnel Louse vir. Sollt de reelle Wuesstem an den nächsten 10 Joer den historesche Wuesstem vun 3-5% iwwerschreiden, wäert dëst et erlaben, 20 zousätzlech Automotricen anzekafen. Esou ass anzeschätzen, datt fir déi nächst 10 Joer d'CFL iwwert déi néideg Capacitéiten verfügt fir der Demande gerecht ze ginn.
4. Déi opgezielten Infrastrukturprojeten si Bestanddeel vun engem ganze Projet fir d'Capacitéiten um lëtzebuerger Streckenetz an den nächsten 10 Joer auszebauen. De ganze Projet ass mam zukünftege Exploitatiounskonzept fir déi kommend 10 Joer a mam Kaf vum bestallte Zuchmaterial kohärent. No dësem Zäitraum kënnen zousätzlech Projeten noutwendeg ginn.
5. D'Attributiounskritären vum Marché waren den Acquisitiounspräis, déi technesch a kommerziell Konformitéit zum Cahier des charges, d'Energieconsommatioun an d'Konzept vun der Maintenance vun den Automotricen. Opgrond vun dëse Kritären, huet sech d'Offer vun Alstom als déi ekonomesch favorabelst erwisen.